Administration communale de Schieren
90, rte de Luxembourg
L–9125 Schieren

81 26 68 - 54
contact@schieren.lu

gemengschieren
gemengschieren
schieren.lu

Avis au public
Sportler- a Persounenéierungen 2025

Am Kader vun de Festivitéiten um Virowend vun Nationalfeierdag den 22. Juni 2025 an der « Aler Schoul » zu Schieren.

D'Schierener Sportsveräiner si gebieden der Gemeng souwuel d'Ekippe wéi och déi eenzel Sportler matzedeelen **(per Courrier oder per Email: felix.heintz@schieren.lu)**, déi am Laf vun der leschter Saison een nationalen Titel an enger offizieller nationaler oder internationaler Competitioun gewonnen hunn, respektiv aus enger Divisioun opgestige sinn.

Och individuell Sportler, déi an der Gemeng Schieren wunnen, awer hirem Sport bei engem Veräin aus enger anerer Gemeng noginn, kennen hir Referenzen erareechen.

Des Weidere ginn och Membere vu lokale Kulturveräiner oder Privatleit mat honorabele Verdéngschter (kulturell, historesch, asw.) gebieden hir Referenzen un d'Gemeng weiderzeleeden.

Umeldungsfrist: 1. Juni 2025

Mat sportleche Gréiss !

Schieren, den 12. März 2025
De Schäfferot